PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Biergerinnen a Bierger kënne bei hirer Steiererklärung uginn, dass si eng Spend vu mindestens 120€ un eng agreéiert Asbl gemaach hunn. Um Site vun der Steierverwaltung fënnt een d'Nimm vun all den unerkannten Asblen (https://impotsdirects.public.lu/fr/az/l/libera_dons.html#releve%23releve). Verschidden Organisatioune si scho säit Joerzéngten op dëser Lëscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt eng Kontroll gemaach vun den Associatiounen op der Lëscht, fir z'iwwerpréiwen, ob si nach ëmmer all agreéiert sinn?

2. Wéi ginn Daachverbänn kontrolléiert, déi d'Spenden un aner Associatioune kënne weiderleeden?

3. Wéi gëtt kontrolléiert, dass eng Persoun, déi Member vun enger Asbl ass, keng Spende steierlech ofsetzt, vun där si spéiderhi perséinlech profitéiere kann?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député